Administration communale
de Reckange-sur-Mess

Nº2 :: 2024

Gemengebuet

# Reckeng op der Mess

:: www.reckange.lu

RECKENG OP DER MESS :: ÉILENG :: LAMPECH :: PIISSENG :: RIEDGEN :: WICKRENG



# Impressum


**Editeur responsable:**
Administration Communale de Reckange-sur-Mess
ISSN 2418-442X

**Mise en page:**
Julien Primout

**Textes:**
Julien Primout

**Rapports des séances du conseil communal:**
Savas Koroglanoglou, Julien Primout

**Photos:**
Julien Primout, Carole Beckius, Magali Jacob, Jenny Mannes, Mirko Soisson, Germain Thomas, Christian Tolksdorf, Jugendhaus Reckeng, Reckenger Musek

**Impression:**
Imprimerie Ossa
46, rue Gabriel Lippmann
Parc d'activités Syrdall
L-6947 Niederanven

Imprimé sur du papier Circle offset recyclé




# Index


| | |
|---|---|
| **4** | Virwuert vum Här Buergermeeschter |
| **5** | Préface de Monsieur le Bourgmestre |
| **6** | Annuaire |
| **7-9** | Rapport de la séance du conseil communal du 8 février 2024 |
| **10-12** | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 8. Februar 2024 |
| **13-15** | Rapport de la séance du conseil communal du 21 mars 2024 |
| **16-18** | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 21. Mäerz 2024 |
| **19** | Analyse d'eau potable |
| **20-21** | Kommissioun fir d'Geschicht - Projet: Appel un eis Bierger<br>*Commission pour l'Histoire - Projet: Appel à nos citoyens* |
| **22** | Gemengen- a Veräinsliewen / *Vie communale et associative* |
| **23** | D'Seniorefeier / *La fête des seniors* |
| **24-25** | Geckeg Mess - Déi Grouss Fuesparty / *La grande fête du carnaval* |
| **26** | Police Lëtzebuerg - Campagne: Attention aux arnaques! |
| **27** | D'Grouss Botz / *Le grand ramassage* |
| **28** | Gutt Geschier - Léinen amplaz ze kafen |
| **29** | SICONA - Méi net am Mee |
| **30** | klima agence - Améliorer l'efficacité énergétique de votre logement |
| **31** | natur&ëmwelt - En Dag an der Natur |
| **31** | Journée Upcycling au parc de recyclage SIVEC |
| **32** | Formulaire - Engagement d'étudiant(e)s pendant les vacances d'été |
| **33** | Mir gratuléieren / *Félicitations* |
| **34** | Les prochaines manifestations |
| **35** | D'Merlettëfest / *La Fête des Merlettes* |






# Léif Matbiergerinnen a Matbierger

Et gesäit esou aus wéi wann d'Fréijoer endlech de Wee op Lëtzebuerg fonnt hätt. Zënter Oktober hate mir praktesch keng dräi Deeg hannereneen ouni Reen, wat ënner anerem eis verschidde Chantieren an der Gemeng a ronderëm méi oder manner hannendrageheit huet.

De Chantier an der rue de la Montée, wou jo net just d'Strooss erneiert gëtt, mee och déi ënnerierdesch Infrastrukture moderniséiert ginn, ass jo zënter Ugangs Mee a senger zweeter Phas ukomm. Wärend der Period no der Ouschtervakanz bis zum Kollektivcongé an der Baubranche ass den ieweschten Deel fir de Verkéier gespaart. Den Accès zu den Haiser bleift natierlech zu all Moment garantéiert.

Och dee bestoende Kiss & Go ass iwwerschafft an nei amenagéiert gi fir ze probéieren, de Fonktionnement ze verbesseren.

Ech wëll hei nach eemol d'Eltere vun eise Schoulkanner drun erënneren, dass si solle vum Schoultransport Gebrauch maache fir d'Verkéiersproblematik ronderëm de Kleesebierg net ze vergréisseren. Doduerch gëtt anengems zur Sécherheet vun de Kanner bäigedroen, déi zu Fouss an d'Schoul ginn.

Déi sëllegen aner Chantiere ronderëm d'Gemeng komme gutt virun: Virun allem d'Strecke Wickreng-Éileng an Éileng-Monnerech wäerte geschwënn nees normal befuerbar sinn.

A wann ech scho bei de Chantiere sinn: Am Ausgank vu Reckeng a Richtung Dippech-Gare gesäit een elo schonn den Ufank vum Bau vun der zukünfteger Foussgängerbréck. Dëst ass am Kader vum Konzept fir den Ausbau vun der Mobilité douce, dat heescht d'Foussgänger a Vëloe kréien eng sécher Iwwerféierung vun der Huelstrooss aus iwwert d'Dräikantonsstrooss a Richtung Dippech-Gare:

Dat war eng laangjäreg Fuerderung vun der Gemeng, a gëtt zu eiser gréisster Satisfaktioun vum Bauhär, de Ponts et Chaussées, elo ëmgesat.

Mat Virfreed kucken ech awer och op déi verschidde Manifestatiounen, wou mir am Fréisummer nees zesumme feiere kënnen. Virun allem denken ech do un d'Merlettëfest, en Evenement dat sech iwwert dräi Deeg hinzéie wäert, a wou D'Organisatiounsteam vun der Gemeng, zesumme mat verschiddene Kommissiounen nees e ganz usprochsvolle Programm fir Jonk an Al zesummegestallt hunn. D'Detailer fannt Dir ewéi gewinnt um Internetsite vun der Gemeng, iwwert déi verschidde sozial Plattformen, oder hei am Gemengebuet op der Säit 35.

Ech wënschen Iech alleguer endlech e puer sonneg Momenter an hoffen dass mir alleguer bei beschter Gesondheet dat hoffentlech schéint Wieder genéisse kennen.

Carlo Muller
Buergermeeschter



# Chères citoyennes, chers citoyens

Il semble que le printemps ait enfin trouvé son chemin vers le Luxembourg. Depuis octobre, il n'a cessé de pleuvoir, ce qui retardé certains chantiers dans notre commune et dans les alentours.

Le chantier dans la rue de la Montée, où nous procédons non seulement à la réfection de la rue, mais aussi à la modernisation des infrastructures souterraines, est entré en phase deux début mai. Après les vacances de Pâques, la partie supérieure de la rue sera interdite à la circulation jusqu'aux congés collectifs. L'accès aux maisons est évidemment garanti.


En parlant de chantiers: en quittant Reckange vers la gare de Dippach, vous apercevrez le début de la construction du pont pour piétons. Celui-ci vient s'inscrire dans notre concept pour l'extension de la mobilité douce et garantira un passage en toute sécurité de la Huelstrooss vers la Route des Trois Cantons et la gare de Dippach. (Voir la simulation sur la page 4.)

Il s'agit là d'une revendication communale de longue date qui a été réalisée par les Ponts & Chaussées, le maître d'ouvrage, à notre plus grande satisfaction.

Administration communale de Reckange-sur-Mess

Info Chantier (à partir du jeudi, 2 mai 2024)

## Rue de la Montée barrée - Phase II




L'administration communale de Reckange-sur-Mess tient à vous informer que la phase II du réaménagement de la rue de la Montée à Reckange débutera le jeudi, 2 mai 2024. Le tronçon entre les maisons n°37 et 58 **sera interdit à la circulation dans les deux sens, ceci jusqu'à la fin des travaux, à l'exception des riverains et de leurs fournisseurs**. Selon les besoins du chantier, le tronçon pourra être périodiquement barré et/ou interdit au stationnement. Une déviation sera mise en place. À partir du 15 avril 2024, le bus scolaire sera dévié par la rue Am Dall, rue Kamerich, rue de la Montée et Meeschbierg.

Nous vous remercions pour votre compréhension et votre coopération.

En cas de questions, n'hésitez pas à contacter le service technique: technique@reckange.lu et 37 00 24 - 34

C'est avec une certaine joie que j'anticipe les différentes manifestations qui auront lieu dans notre commune en ce début d'été. Je pense notamment au Merlettéfest - la Fête des Merlettes -, sur trois jours et pour laquelle les équipes organisatrices de la commune, en coopération avec différentes commissions consultatives, ont mis en place un programme ambitieux pour petits et grands. Comme d'habitude, vous trouverez tous les détails nécessaires sur le site de la commune, sur nos différentes réseaux sociaux et dans ce bulletin communal, en page 35.

Je souhaite à chacun de beaux moments ensoleillés et j'espère que nous pourrons tous en profiter au maximum et en bonne santé.

L'actuel emplacement Kiss & Go devant l'école a aussi été réévalué et réaménagé afin d'en améliorer son fonctionnement.

Je voudrais en profiter pour inviter les parents de nos élèves à utiliser les transports scolaires afin d'apaiser les problèmes de trafic autour du Kleesenberg. Ils contribueront en même temps à la sécurité des enfants rejoignant l'école à pied.

Les chantiers autour de notre commune avancent bien: Les itinéraires Wickrange-Ehlange et Ehlange-Mondercange seront bientôt réaccessibles.

Carlo Muller
bourgmestre

# Annuaire

Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 8.30 à 11.30 et 14.00 à 18.00
(Les jeudis sur rendez-vous de 7.00 à 8.30 et de 18.00 à 19.00, à fixer au plus tard 48 h à l'avance)

**Gemeng Reckeng op der Mess**
83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
E-Mail: commune@reckange.lu

## Collège des bourgmestre et échevins

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Carlo MULLER | Bourgmestre | 621 29 91 90 | camuller@pt.lu |
| | Christian TOLKSDORF | 1e Echevin | 691 30 06 76 | christian.tolksdorf@reckange.lu |
| | Marc LUDWIG | 2e Echevin | 621 41 91 26 | marc.ludwig@reckange.lu |

## Conseil communal

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Sonja HEYARD-RIES | conseillère communale | | sonja.heyard@reckange.lu |
| | Robert LECLERC | conseiller communal | | robert.leclerc@reckange.lu |
| | Nicole THORN | conseillère communale | | nicole.thorn@reckange.lu |
| | Dominique DA COSTA | conseiller communal | | dominique.dacosta@reckange.lu |
| | Claire PÉPIN | conseillère communale | | claire.pepin@reckange.lu |
| | Yann KOHL | conseiller communal | | yann.kohl@reckange.lu |

## Services communaux

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Réception/Population/ | James THOMES | | 37 00 24 - 51 | james.thomes@reckange.lu |
| Facturation/ Etat civil | Nadine JAKOBY | | 37 00 24 - 1 | nadine.jakoby@reckange.lu |
| | Tim DRAUTH | | 37 00 24 - 9 | tim.drauth@reckange.lu |
| | Carole BECKIUS | | 37 00 24 - 23 | carole.beckius@reckange.lu |
| Secrétariat communal | Savas KOROGLANOGLOU | | 37 00 24 - 20 | savas.koroglanoglou@reckange.lu |
| Ressources humaines | Jenny MANNES | | 37 00 24 - 22 | jenny.mannes@reckange.lu |
| Receveur communal | Véronique GOBERT | | 37 00 24 - 30 | veronique.gobert@reckange.lu |
| Relations publiques | Julien PRIMOUT | | 37 00 24 - 26 | julien.primout@reckange.lu |
| | Fabienne DEL DEGAN | | 37 00 24 - 27 | fabienne.deldegan@reckange.lu |
| Service technique | Serge VERMEULEN | | 37 00 24 - 48 | serge.vermeulen@reckange.lu |
| | Magali JACOB | | 37 00 24 - 40 | magali.jacob@reckange.lu |
| | Myrna MAININI | | 37 00 24 - 34 | myrna.mainini@reckange.lu |
| | Carole ALLAIS | | 37 00 24 - 42 | carole.allais@reckange.lu |
| | Melissa LEOCI | | 37 00 24 - 49 | melissa.leoci@reckange.lu |
| Atelier communal | Claude BOURKEL | | 26 37 09 45 | claude.bourkel@reckange.lu |
| | | | 37 13 45 | atelier@reckange.lu |
| | | | | |
| Service d'incendie | Chef de centre | Frédéric Stringaro | 49 77 1 - 6351 | frederic.stringaro@cgdis.lu |
| | Permanence (décès) | | 621 20 93 11 | (samedi de 9.00 - 12.00) |
| | Permanence technique | | 621 37 00 24 | (24h/24h) |
| | Garde Forestier | Luca SANNIPOLI | 621 20 21 52 | |
| | Curé | Paul MULLER | 95 80 49 | |
| | Office Social Commun | Mirien DA LUZ DIAS | 26 11 37 26 | (8.00 - 10.00) |
| | Hexemeeschter | | 26 37 05 76 | |
| | École fondamentale Kleesenberg | | 26 37 12 21 | |
| | Maison Relais | | 26 37 12 70 | |
| | Police Porte du Sud | | 244 57 1000 | |
| | Police Esch-sur-Alzette | | 244 50 1000 | |
| | Police | | 113 | |
| | Pompiers/Ambulance | | 112 | |

# Séance du conseil communal du 8 février 2024

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Christian Tolksdorf (échevin), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Dominique Da Costa (àpd point 8), Claire Pépin, Yann Kohl (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Excusé:** Marc Ludwig (échevin)

Monsieur le bourgmestre Carlo Muller propose aux membres du conseil communal d'ajouter un point d'urgence supplémentaire à l'ordre du jour de cette séance, concernant l'addition d'un article budgétaire au budget ordinaire de l'exercice 2024. Ce point sera délibéré en fin de réunion.

1. **Informations du collège échevinal**
   - Par le biais d'un échange, la commune de Reckange-sur-Mess est devenue propriétaire d'une maison située à Wickrange, appartenant à un promoteur à qui a été cédé un terrain communal longeant la route de Luxembourg à Roedgen en contrepartie. Le collège échevinal et le service technique communal se sont entretenu avec ce promoteur pour l'informer en toute transparence sur les possibilités qui lui sont proposées et les contraintes imposées par ce terrain.
   - Le collège échevinal a rencontré des représentants haut placés du CGDIS qui, suite aux récentes élections communales, font le tour des collèges communaux au niveau national pour se présenter, s'informer et s'échanger par rapport à la collaboration avec les communes.
   - Le collège échevinal s'est entretenu avec deux représentants de l'a.s.b.l. reckangeoise «Frënn vun de Kierchen» (Les amis des Eglises) au sujet de la destinée de l'Église de Limpach. En principe, l'église redevient la propriété de la commune, mais il faut préciser que la commune n'a aucun pouvoir de décision dans le processus. L'association compte s'entretenir également avec l'archevêque pour conserver l'église afin qu'elle ne soit pas désacralisée.
   - Le 17 janvier 2024, le collège échevinal s'est entretenu avec l'avocat de la commune pour faire le point sur tous les dossiers en cours d'exécution.
   - Le 17 janvier 2024 devait avoir lieu une réunion entre le collège échevinal et une délégation de résidents du «Dall» à Reckange, s'opposant à la vente d'un terrain communal au « Fonds du Logement » et à la construction de résidences à logements sociaux sur le terrain en question, mais celle-ci fut annulée en raison de l'alerte rouge décrétée pour cause de verglas. Par précaution et pour la sécurité de tous, il a été décidé de garder l'administration communale fermée. Les ouvriers de l'atelier communal, procédant ce jour-là au salage des routes, bénéficieront d'un jour de congé supplémentaire.
   - Le collège échevinal a accueilli des responsables de la Croix-rouge Luxembourgeoise, exploitants de la maison relais, pour discuter de différents critères d'inscriptions pour les enfants pour l'année scolaire 2024-2025. Les formulaires mis à jour seront envoyés à tous les parents.
   - Le collège échevinal tient à féliciter la commission du 3e âge et de la mobilité réduite pour l'organisation de la traditionnelle fête des seniors, le déroulement était quasi-parfait et l'atmosphère plus qu'excellente.
   - Le collège échevinal s'est entretenu avec une famille résidant dans la rue du Ruisseau à Limpach, au sujet d'un projet de construction d'une résidence sur un terrain voisin à leur propriété. Il s'avère compliqué d'inscrire toutes idées du promoteur dans le PAG existant et un certain nombre de discussions auront encore lieu entre le service technique communal et le promoteur qui, espérons-le, contribueront à ce que le promoteur puisse proposer des solutions de compromis mettant tous les partis d'accord.
   - Le 25 janvier 2024 a eu lieu la réunion durant laquelle les doléances de résidents de la rue Am Dall à Reckange, ont pu être recueillies et discutées. Pour rappel, ces derniers s'opposent à la vente d'un terrain communal au Fonds du Logement et à la construction de résidences à logements à caractère sociaux sur le terrain en question. Sur ce terrain de 36 ar seront réalisées au maximum 18 unités de logement, mêlant appartements et maisons unifamiliales. Si le terrain avait été vendu à un promoteur, une quantité triple aurait sûrement été envisagée. Le directeur du Fonds du Logement et son adjoint ont pu répondre aux craintes de nos habitants en garantissant la mixité des habitations, souhait commun de la commune et du Fonds. Il a également été retenu qu'une réunion d'information publique sera organisée dans un futur proche.
   - Le collège échevinal a rencontré des représentants de l'initiative «Egalité Femmes-Hommes dans le Sport», projet dont la charte a été élaborée avec la ville d'Esch-sur-Alzette. Il s'agit là d'une belle initiative saluée par le collège échevinal, sans frais pour la commune. L'adhésion à cette charte ne pose aucun doute.
   - Le 7 février 2024, le collège échevinal a accueilli un bureau d'architecte qui a présenté quelques ébauches préliminaires pour la rénovation du bâtiment jaune de l'école Kleesenberg à Reckange

ainsi qu'un échange d'idées sur bases de certaines variantes. Affaire à suivre qui sera discutée lors d'une réunion de travail du conseil communal en temps voulu.

- À vos calendriers :
  - Le 21 mars 2024 aura lieu la prochaine réunion publique du conseil communal.
  - Le 23 mars 2024 aura lieu le grand ramassage, organisé en coopération avec la commission écologique.
  - Le 27 avril 2024 aura lieu le «Faire Moiesdësch», petit-déjeuner équitable organisé en coopération avec l'équipe Fairtrade.

**2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

**3. Approbation des comptes de la commune de l'exercice 2022**

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'arrêt provisoire des comptes de la commune de l'exercice 2022 en tenant compte des remarques du Ministère de l'Intérieur par rapport à ces documents et de la prise de position à leur égard par le collège échevinal. Les comptes affichent un boni de 9.603.157,59 €.

**4. Présentation du plan pluriannuel de financement 2024**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le plan pluriannuel de financement couvrant la période allant jusqu'à l'exercice 2026, suivant instructions de Madame la Ministre de l'Intérieur.

**5. Construction d'une nouvelle Maison relais à Reckange-sur-Mess – Approbation d'un devis supplémentaire:**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis supplémentaire de 4.000.000 €, tel que présenté par le bureau d'architecture en charge de la construction de la nouvelle Maison Relais de Reckange-sur-Mess. Au préalable, le conseil communal, en sa séance du 19 décembre 2019, avait approuvé les plans et devis relatifs à la construction de cet établissement pour un montant de 11.851.646,43 €. La dépense supplémentaire repose principalement sur la forte augmentation de l'indice des prix à la construction (+30%), due entre autre à la situation économique et géopolitique actuelle, en considérant la guerre en Ukraine, la flambée des prix de l'énergie et d'autres ressources primaires et l'inflation en conséquence.

**6. Approbation de devis extraordinaires:**

a) Le conseil communal approuve à l'unanimité un devis de 2.450.000 € pour la construction d'un nouveau bassin de rétention d'eau dans la localité de Pissange. En effet, dans le cadre du plan directeur d'assainissement pour la commune de Reckange-sur-Mess, les capacités nécessaires des réseaux et collecteurs ont été redéfinies afin d'être conformes quant aux besoins d'assainissement, prescriptions techniques et normes tels qu'imposés par la législation. À ces fins, il y a lieu de prévoir la construction d'un nouveau bassin de rétention ayant une capacité de 155 $m^3$ et collectant les eaux usées de Pissange.

b) Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis établi par le service technique communal, qui prévoit des travaux et fournitures pour un montant total de 30.000 € dans le cadre de l'aménagement d'une structure de jeux pour les enfants en bas âge sur l'aire de jeux située dans la rue du Centre à Wickrange.

c) Le collège échevinal a mandaté le Ministère de l'Intérieur, Direction de la stratégie opérationnelle du CGDIS, de faire une analyse quant au recouvrement du réseau des sirènes d'alerte à la population sur le territoire de la commune de Reckange-sur-Mess. Il ressort dudit rapport que certaines localités de la commune ne sont pas couvertes par le réseau des sirènes et de ce fait, la population n'est pas alertée en cas de situation d'urgence ayant un impact sur la sécurité civile. Voilà pourquoi, le collège échevinal a décidé d'installer trois sirènes supplémentaires permettant ainsi d'augmenter considérablement le réseau de recouvrement. Dans ce cadre, le conseil communal approuve à l'unanimité le devis établi par le service technique communal pour les travaux et la fourniture pour l'installation de ces trois antennes, s'élevant à 70.000 €. Les trois sites retenus pour l'installation des sirènes sont la toiture de l'ancienne école de Limpach, la chapelle de Roedgen (sirène fixée sur un mât de 12 mètres de hauteur) et sur la toiture de la mairie de Reckange-sur-Mess.

d) Etant donné que les fenêtres de l'atelier communal sont dans un état vétuste, qu'elles sont particulièrement exposées aux intempéries et manquent d'étanchéité laissant passer la chaleur, le collège échevinal propose de procéder à leurs remplacements. Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis établi par le service technique communal, prévoyant des travaux et fournitures pour un montant total de 30.000 €.

**7. Pacte Nature – Surfaces non scellées ou partiellement scellées dans les nouvelles zones résidentielles (PAP)**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la décision du collège échevinal d'imposer un pourcentage de surface non-scellée ou partiellement scellée pour les surfaces de circulation de personnes et de stationnement dans les nouvelles zones résidentielles (PAP). Cette part est exprimée par le coefficient de non-scellement (CNS) qui exprime la proportion de surfaces de circulation de personnes (places publiques et trottoirs) et de stationnement (parkings) non scellées ou partiellement scellées par rapport aux surfaces totales de circulation (somme des places publiques, trottoirs, parkings, routes et pistes cyclables). En guise d'exemple, ne sont pas considérées comme «surfaces

partiellement scellées», les surfaces goudronnées ou bétonnées. Des exemples de substrats de «surfaces partiellement scellées» sont les pavés ou dalles, le concassé, le sable ou encore les copeaux de bois non-traités, posés sur le substrat naturel du sol.

**8. Approbation de trois actes notariés**

a) Le conseil communal approuve à l'unanimité un acte de vente, signé le 31 janvier 2024 par le collège échevinal, d'un terrain à Reckange-sur-Mess, situé «Am Dall» au Fonds du Logement. La commune de Reckange-sur-Mess y vendra une parcelle de terrain de 36 ares et 29 centiares dans le cadre du développement de logement et de l'habitat. Le Fonds du Logement y envisage un projet mixte mêlant résidences et maisons unifamiliales avec un minimum de quatorze logements et un maximum de dix-huit logements.

b) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acquisition d'une parcelle à Reckange-sur-Mess, «In Harigesheck», d'une contenance de 37 ares et 30 centiares et ceci en vue de l'agrandissement du patrimoine forestier communal. Suite aux pourparlers avec les propriétaires, l'acte notarié pour l'acquisition de ce terrain a été signé le 5 décembre 2023.

c) Le conseil communal approuve à l'unanimité un acte d'échange avec une entreprise de Wickrange, acte dans lequel une maison d'habitation et son terrain situés dans la rue du bois sont échangés contre un terrain communal non-bâti dans la rue de Luxembourg à Roedgen.

**9. Approbation de la convention de mise en œuvre du Pacte Logement 2.0.**

Suite à l'approbation du plan d'action local en cette matière, le conseil communal approuve maintenant à l'unanimité l'adoption de la convention de mise en œuvre du Pacte Logement 2.0., telle que présentée par le collège échevinal. Elle fixe notamment les modalités pratiques de mise en œuvre et les dispositions financières.

**10. Approbation d'une convention concernant des projets de protection de la nature à réaliser en 2024**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la ratification d'une convention avec le propriétaire du terrain «Hinter Limpach» à Reckange-sur-Mess, afin d'obtenir les autorisations nécessaires pour y effectuer la plantation de nouveaux arbres, leur entretien, l'installation d'une clôture de 800 mètres, le pâturage d'une prairie, l'aménagement d'un étang naturel et divers autres petits travaux. Ce projet sera réalisé sur base du programme annuel soumis au conseil communal par le syndicat SICONA.

**11. Résiliation d'un contrat de bail avec une association sans but lucratif**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la résiliation d'un contrat de bail avec l'association reckangeoise «Macchina d'Epoca», qui loue un garage à Éhlange auprès de la commune. Suivant résiliation d'un commun accord signée le 1er février 2024, il a été convenu de résilier ce contrat de bail avec effet rétroactif au 31 octobre 2023.

**12. Fixation d'une nuit blanche**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la fixation d'une nuit blanche pour la nuit du 9 au 10 mars 2024. En effet, le comité à la culture organise une grande fête de carnaval dénommée «Geckeg Mess» et le collège échevinal propose de proroger les heures d'ouverture de tous les débits de boisson de la commune jusqu'à 3 heures du matin pour la nuit en question.

**13. Commission pour l'Histoire et la Préservation du Patrimoine Communal - Nomination de 3 membres**

Suite à trois places vacantes auprès de la commission pour l'Histoire et la Préservation du Patrimoine Communal, le collège des bourgmestre et échevins a lancé un appel de candidatures par voie d'affiche. Sept candidatures ont été remises endéans le délai imparti. Le conseil communal est appelé à nommer trois membres par vote secret et bulletins non-signés.

**Point d'urgence**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la création d'un article budgétaire supplémentaire dans le budget 2024, qui permettra à la commune de rembourser une somme de 40 € à un citoyen qui, suite à une erreur administrative, continue de payer une poubelle qu'il n'utilise plus et qui a été retournée à la commune. La somme inscrite à cet article a été haussée, si jamais un cas similaire devait se reproduire durant l'exercice 2024.

**14. Divers (questions au collège échevinal)**

En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment l'emplacement, la clarté, la stabilité et la hauteur à laquelle sont fixés les panneaux de signalisation pour chemins piétons, l'absence de poubelles sur le chemin piéton entre l'église de Limpach et Reckange et la coordination problématique des horaires de départs des lignes RGTR 622 et 623 à la gare de Luxembourg.

## Sëtzung vum Gemengerot vum 8. Februar 2024

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Christian Tolksdorf, (Schäffen), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Dominique Da Costa (ab dem Punkt 8), Claire Pépin, Yann Kohl (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Entschëllegt:** Marc Ludwig (Schäffen)

Den Här Buergermeeschter Carlo Muller schléit dem Gemengerot vir, een dréngleche Punkt op d'Dagesuerdnung vun dëser Sëtzung bäizesetzen. Hei geet et ëm d'Bäisetze vun engem zousätzleche Budgetsartikel am ordinäre Budget 2024. Iwwert dëse Punkt gëtt zum Schluss vun der Seance deliberéiert.

1. **Informatioune vum Schäfferot**
   - Duerch en Tosch gouf d'Gemeng Reckeng op der Mess Besëtzer vun engem Haus zu Wickreng, dat engem Promoteur gehéiert huet, deem als Géigeleeschtung e Gemengenterrain laanscht d'Lëtzebuergerstrooss zu Riedgen ofgetruede gouf. De Schäfferot an de Service Technique hu sech mam Promoteur ënnerhale fir hien an aller Transparenz iwwert all d'Méiglechkeeten an d'Aschränkunge vun dësem Terrain opzeklären.
   - De Schäfferot huet sech mat héischplacéierte Vertrieder vum CGDIS getraff déi, no de Gemengewale vum leschte Joer, den Tuer vun de Schäfferéit am ganze Land maache fir sech iwwert d'Zesummenaarbecht mat de Gemengen z'informéieren an auszetauschen.
   - De Schäfferot huet sech mat Vertrieder vun der Reckenger a.s.b.l. Frënn vun de Kierchen iwwert d'Zukunft vun der Lampecher Kierch ënnerhalen. Prinzipiell fällt dës Kierch zeréck an de Besëtz vun der Gemeng an et muss preziséiert ginn, dass d'Gemeng kee Matsproocherecht an dësem Prozess huet. De Veräin géing sech och gäre mam Äerzbëschof ënnerhale fir d'Kierch kënnen ze behalen an se net entweien ze mussen.
   - De 17. Januar 2024 huet de Schäfferot sech mat dem Affekot vun der Gemeng ënnerhale fir de Point ze maachen iwwert all déi lafend Dossieren.
   - De 17. Januar 2024 sollt eng Reunioun tëschent dem Schäfferot a Vertrieder vun de Bewunner aus dem Dall zu Reckeng stattfannen, déi sech dem Verkaf vun engem Gemengenterrain „Am Dall" un de Fonds du Logement an dem Bau vun enger Residenz mat Sozialwunnengen opposéieren. Allerdéngs gouf dës Reunioun wéinst dem Glatäis ofgesot. Fir op Nummer Sécher ze goen a fir d'Sécherheet vu jidderengem ze garantéiere gouf entscheet, deen Dag d'Gemeng zouzeloossen. D'Aarbechter aus dem Gemengenatelier, déi sech deen Dag ëm d'Streeë vun de Stroosse bekëmmert hunn, kréien e Recht op en Dag zousätzleche Congé.
   - De Schäfferot huet Verantwortlecher vum Lëtzebuerger Roude Kräiz, also d'Exploitante vun der Maison Relais, empfaange fir iwwert déi eenzel Aschreiwungskritärre fir d'Kanner fir d'Schouljoer 2024/2025 ze schwätzen. D'Mise à jour vun de Formuläre wäerten un all d'Eltere geschéckt ginn.
   - De Schäfferot felicitéiert der Drëttalterskommissioun fir eng gelonge Seniorefeier: den Oflaf war perfekt an d'Stëmmung exzellent.
   - De Schäfferot huet sech mat enger Famill aus der Rue du Ruisseau zu Lampech ënnerhalen zum Thema Bauprojet vun enger Residenz op engem direkten Nopeschterrain. Et ass momentan komplizéiert alleguerten dem Promoteur seng Iddie PAG-konform ëmzesetzen an et wäerten nach eng Rei Entrevuen tëschent dem Service Technique an dem Promoteur stattfannen déi dozou bäidroe wäerten, dass de Promoteur Kompromëssléisunge virschléit déi all Partei zefridde stëmme kann.
   - De 25. Januar 2024 huet déi Reunioun stattfonnt, an där verschidde Matbierger aus dem Dall zu Reckeng empfaange gi sinn a wou hir Doleancë beschwat goufen. Als Rappel, déi betraffe Matbierger opposéiere sech dem Verkaf vun engem Gemengenterrain un de Fonds du Logement an dem Bau vu Sozialwunnengen um besotenen Terrain. Op dësem Terrain vu 36 Ar solle maximal 18 Wunneenheete gebaut ginn, bestoend aus Appartementer an Eefamilljenhaiser. Wann dësen Terrain un e Promoteur verkaf gi wier, dann hätt ee kënne vun der dräifacher Quantitéit u Wunneenheeten ausgoen. Den Direkter vum Fonds du Logement a säin Adjoint konnten op d'Froen an d'Zweifel vun den Awunner agoen an hunn hinnen d'Mixitéit vun de Wunnenge garantéiert, wat e gemeinsame Wonsch vun der Gemeng a vum Fonds ass. Och gouf festgehal dass an noer Zukunft eng ëffentlech Informatiounsversammlung ofgehale géing ginn.
   - De Schäfferot huet Vertrieder vun der Initiativ „Egalité Femmes-Hommes dans le Sport", e Projet deem seng Charte zesumme mat der Stad Esch-Uelzecht ausgeschafft gouf an iwwert d'Chancëgläichheet vu Fra a Mann am Sport sensibiliséiere soll. Et handelt sech hei ëm eng Initiativ déi vum Schäfferot begréisst gëtt an der Adhesioun un dëser Charte soll näischt am Wee stoen.

- De 7. Februar 2024 huet de Schäfferot en Architektebüro empfaangen, deen éischt Skizze vun der Renovatioun vum giele Gebai vun der Schoul Kleesebierg virstelle koum an e Gedankenaustausch op Basis vu verschiddene Varianten erlaabt huet. Dëse Projet stécht nach an de Kannerschung an e wäert deemnächst an enger Aarbechtssëtzung vum Gemengerot beschwat ginn.
- Fir an d'Kalenner
  - Den 21. Mäerz 2024 fënnt déi nächst ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt.
  - Den 23. Mäerz 2024 fënnt déi Grouss Botz statt, déi an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltkommissioun stattfënnt.
  - De 27. Abrëll 2024 fënnt de Faire Moiesdësch statt, deen an Zesummenaarbecht mat dem Fairtrade-Team organiséiert gëtt.

**2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

**3. Geneemegung vun de Gemengekonte vum Joer 2022**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de provisoreschen Arrêt vun de Gemengekonte fir d'Joer 2022 an notéiert d'Remarquë vum Inneministère an de Standpunkt vum Schäfferot. D'Konten affichéieren e Boni vun 9.603.157,59 €

**4. Virstellung vum Plan pluriannuel de financement 2024**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Plan pluriannuel de financement, deen d'Zäitspan bis zum Exercice 2026 deckt a sech op d'Instruktioune vun der Madamm Inneministesch baséiert.

**5. Bau vun der Maison Relais zu Reckeng op der Mess - Geneemegung vun engem zousätzlechen Devis**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en zousätzlechen Devis vu 4.000.000 €, sou wéi dëse vum zoustännegen Architektebüro virgestallt gouf. Am Virfeld hat de Gemengerot a senger ëffentlecher Sëtzung vum 19 Dezember 2019 d'Pläng an d'Devise am Gesamtwäert vun 11.851.646,43 € fir de Bau vun dësem Gebai geneemegt. Déi zousätzlech Ausgab resultéiert gréisstendeels aus der staarker Steigung vum Baupräisindex (+30%), deen duerch déi aktuell ekonomesch a geopolitesch Situatioun ausgeléist ass, duerch de Krich an der Ukrain an duerch d'Energie- a Réistoffpräisexplosioun an duerch déi doraus entstoend Inflatioun.

**6. Geneemegung vun extraordinären Devisen**

a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Devis vun 2.450.000 € fir de Bau vun engem neien Ofwaasserbaseng an der Uertschaft Piisseng. Am Kader vum Sanéierungsplang fir d'Gemeng Reckeng op der Mess goufen déi néideg Kapazitéite vun den Netzwierker a Kollekteren nei definéiert fir konform ze si mat de sanitäre Standarden a mat den technesche Virschrëften an Normen déi d'Legislatioun eis operleet. Dofir ass de Bau vun engem Ofwaasserbaseng vun 155m$^3$ zu Piisseng virgesinn.

b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dee vum Service Technique opgestallten Devis vun 30.000 € fir den Amenagement vun enger Spillplaz fir kleng Kanner an der Rue du Centre zu Wickreng.

c) De Schäfferot huet d'Direction de la stratégie opérationnelle vum CGDIS aus dem Inneministère beoptraagt eng Analyse vum Pompjeessyrenënetzwierk, dat d'Bevëlkerung bei engem Noutfall alertéiert, souwéi vu senger Flächendeckung vum Gemengenterritoire ze maachen. Aus dësem Rapport kënnt ervir, dass verschidden Uertschaften net anstänneg gedeckt sinn an dass verschidden Deeler vun der Bevëlkerung d'Alerten am Noutfall net héiere kënnen. Dofir huet de Schäfferot entscheet, dräi zousätzlech Alarmen installéieren ze loossen, esou dass d'Couverture verbessert gëtt. An dësem Kontext geneemegt de Gemengerot dee vum Service Technique erstallten Devis fir d'Installatioun vun dräi Antennen am Gesamtwäert vu 70.000 €. Déi dräi zeréckbehale Sitte sinn déi al Schoul zu Lampech, d'Capelle zu Riedgen (d'Sireen gëtt do un engem Mast vun 12 Meter Héischt ubruecht) an um Daach vum Reckenger Gemengenhaus.

d) Well d'Fënstere vum Gemengenatelier an engem veraalten Zoustand sinn, well se ganz besonnesch dem Wieder ausgesat sinn an d'Hëtzt duerch déi schlecht Dichtung eraloossen, schléit de Schäfferot vir dës Fënsteren z'ersetzen. De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dee vum Service Technique erstallten Devis fir Aarbechten a Material am Gesamtwäert vun 30.000 €.

**7. Pacte Nature – onversigelt an deelsversigelt Flächen an den neie Wunnzonen (PAP)**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Entscheedung, e Prozentsaz vun onversigelten an deelsversigelte Flächen an den neie Wunnzonen (PAP) z'imposéiere wou Verkéier vu Persounen a Parkinge virgesi sinn. Dësen Deel gëtt vun engem Coefficient de non-scellement (CNS) ausgedréckt, deen déi onversigelt oder deelsversigelt Proportioune fir ëffentlech Plazen an Trottoiren (Persouneverkéier) a Parkinge géigeniwwer der Gesamtfläch (ëffentlech Plazen, Trottoiren, Parkingen, Stroossen a Vëlosweeër) festhält. Als Beispill: Goudronéiert a betonéiert Fläche ginn net als deelsversigelt ugesinn. Paweesteng oder Placken, Kräsi, Sand oder onbehandelt Holzspéin, déi um natierleche Buedem leien, ginn als deelsversigelt Substrater ugesinn.

**8. Geneemegung vun dräi Notairesakten**

a) De Gemengerot validéiert eestëmmeg e Verkafsakt, deen den 31. Januar 2024 vum Schäfferot ënnerschriwwe gouf, vun engem Terrain vu 36 Ar a 29 Zentiar, „Am Dall" zu Reckeng op der Mess. D'Gemeng verkeeft dësen am Kader vun der Logements- a Liewensraumentwécklung un de Fonds de Logement, deen op dëser Plaz e Projet mixte vu Residenzen an Eefamilljenhaiser virgesäit, mat engem Minimum vu 14 an engem Maximum vun 18 Wunneenheete virgesäit.

b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Uschafung vun engem Terrain vu 37 Ar an 30 Zentiar zu Reckeng op der Mess, „In Harigesheck", en vue vun der Vergréisserung vum Gemengebëschpatrimoine. Op Basis vun Entrevuë mat de Proprietäre vum besotenen Terrain gouf de Verkafsakt de 5. Dezember 2023 ënnerschriwwen.

c) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Tauschakt mat enger Firma zu Wickreng. An dësem Akt gëtt ee Wunnhaus samt Terrain an der Rue du Bois géint en onbebaute Gemengenterrain an der Lëtzebuergerstrooss zu Riedgen getosch.

**9. Geneemegung vun der Konventioun vum Pacte Logement 2.0.**

No der Geneemegung vum Plan d'action local geneemegt de Gemengerot elo eestëmmeg d'Adoptioun vun der Konvention fir d'Realisatioun vum Pacte Logement 2.0., sou wéi se vum Schäfferot virgestallt gouf. Si hält ënner anerem déi praktesch Modalitéiten an hir Finanzéierung fest.

**10. Geneemegung vun enger Konventioun fir d'Realisatioun vun Naturschutzprojete fir d'Joer 2024**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ratifikatioun vun enger Konventioun mam Besëtzer vum Terrain „Hinter Limpach" zu Reckeng op der Mess, sou dass et der Gemeng erlaabt gëtt nei Beem op dëser Plaz ze planzen a se z'ënnerhale souwéi een 800 Meter laangen Zonk z'installéieren, eng Wiss ze beweiden a verschidde kleng Aarbechten ofzewéckelen. Dëse Projet gëtt op Basis vun der Presentatioun vum Joresprogramm vum Syndikat SICONA realiséiert.

**11. Kënnegung vun engem Mietvertrag mat engem Reckenger Veräin**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Kënnegung vun engem Mietvertrag mat dem Reckenger Veräin „Macchina d'Epoca", dee bei der Gemeng ee Garage zu Éileng lount. Op Basis vun dëser gemeinsamer Kënnegung gouf entscheet, dass de Mietvertrag réckwierkend op den 31. Oktober 2023 opgeléist gëtt.

**12. Fixatioun vun enger fräier Nuecht**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vun enger fräier Nuecht vum 9. op den 10. Mäerz 2024. D'Kulturkommissioun organiséiert deen Owend d'Geckeg Mess, déi grouss Fuesparty zu Reckeng op der Mess an de Schäfferot schléit vir, dass déi Nuecht all Wiertschaft bis 3.00 Auer Moies dierf ophunn.

**13. Kommissioun fir d'Geschicht an d'Erhale vum Gemengepatrimoine - Nominatioun vun 3 Memberen**

Well et an dëser Kommissioun dräi fräi Plaze ginn, huet de Schäfferot en ëffentlechen Appel via Affichage un d'Bierger lancéiert. Siwe Kandidature goufen innerhalb vun der Frist ofginn. De Gemengerot gëtt gebieden, dräi nei Membere via anonym Stëmmziedelen ze noméieren.

**Drénglechen Zousazpunkt**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Kreatioun vun engem zousätzleche Budgetsartikel am Budget 2024, deen et der Gemeng erméiglechen wäert, engem Bierger d'Zomm vu 40 € zeréckzebezuelen. Dëse Bierger huet, duerch en administrative Feeler eisersäits, seng Poubelle weider bezuelt, obwuel hie si net méi benotzt an der Gemeng och erëmginn huet. De Montant op dësem Artikel gouf méi héisch ugesat, falls sech am Joer 2024 esou ee Fall sollt widderhuelen.

**14. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert d'Emplacementer, d'Kloerheet, d'Stabilitéit an d'Héischt vun de Schëlder vum neie Foussgängerleitsystem, d'Ofwiesenheet vu Poubellen um Trëppelwee tëschent der Lampecher Kierch a Reckeng an der problematescher Koordinatioun vun de Startzäite vun den RGTR-Linne 622 a 623 op der Stater Gare.

*Reckeng op der Mess & Ären Hond*

Léif Awunner,
wéinst rezente Virfäll mat onkontrolléierten Hënn, biede mir Iech héiflech am ëffentleche Raum Ären Hond jidderzäit un der Léngt ze féieren. Dat nationaalt Gesetz vum 9. Mee 2008 iwwert Hënn an d'Policereglement vun eiser Gemeng gesäit dëst esou vir.

*Reckange-sur-Mess & votre chien*

*Chers habitants,*
*en raison d'incidents récents impliquant des chiens non-contrôlés, nous vous prions aimablement de garder vos chiens en laisse sur la voie publique. La Loi nationale du 9 mai 2008 et le règlement de police de la commune de Reckange-sur-Mess le stipulent ainsi.*



## Séance du conseil communal du 21 mars 2024

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Christian Tolksdorf (échevin), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Dominique Da Costa, Claire Pépin, Yann Kohl (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

**Excusé:** Marc Ludwig (échevin)

Monsieur le bourgmestre Carlo Muller propose aux membres du conseil communal d'ajouter trois points d'urgence supplémentaires à l'ordre du jour de cette séance, concernant l'ajout d'un nouvel article et deux augmentations de crédits pour y imputer des factures par rapport à l'entretien de l'éclairage public et au syndicat SICONA. Ces points seront délibérés en fin de réunion.

### 1. Informations du collège échevinal

- Le collège échevinal a procédé à une entrevue avec l'avocat de la commune pour faire le point sur les dossiers en cours. Un dossier oppose la commune au promoteur d'un PAP à Wickrange. Un second dossier oppose la commune à une famille résidant à Reckange, dans lequel la commune est en attente d'une réponse et toujours disposée à trouver un arrangement à l'amiable. Un troisième dossier oppose la commune à un résident d'Éhlange, dans le cadre d'un reproche d'une pollution sonore émanant du Centre de Rencontre et du débit de boissons y étant exploité. Ici aussi, la commune est en attente d'une réponse. Vient s'y ajouter une récente nouvelle: La société exploitant l'épicerie fine au rez-de-chaussée du Centre de Rencontre à Éhlange a déclaré faillite. Un certain nombre d'incidents survenus antérieurement opposent déjà la commune à cette société. Sa faillite vient rendre ce dossier encore plus épineux.
- Le 6 mars 2024, toute l'administration communale de Reckange-sur-Mess a participé à une formation concernant la protection des données, animée par notre délégué à la protection des données.
- Le collège échevinal s'est entretenu avec notre représentant au niveau de l'office social de Mamer, qui a pu offrir quelques vues sur les statistiques nous concernant. Au niveau de notre commune, il n'y a pour l'instant pas de faits alarmants, même si certains concitoyens ont déjà dû faire recours aux services de l'office.
- Le 7 mars 2024, le service technique a procédé à un certain nombre d'entrevues avec des candidats ayant répondu à l'appel pour le nouveau poste de délégué à la sécurité.
- En ce qui concerne nos cimetières, il a été constaté que certaines tombes sont dans un état désolant. Dans un premier temps, les tombes en mauvais état et sans concession seront enlevées, les tombes en bon état mais sans concession seront conservées.
- Le collège échevinal a participé à la plateforme Maison Relais, échange étroit entre la commune et la Croix-Rouge Luxembourgeoise, exploitante de la Maison Relais à Reckange. La conversation était placée sous le signe du déménagement vers le nouvel établissement, qui aura lieu avant la rentrée 2024/2025.
- Le 14 mars 2024, le collège échevinal s'est entretenu avec l'Office Régional du Tourisme, en compagnie de Madame la Conseillère Nicole Thorn, déléguée, pour discuter du potentiel touristique de la commune.
- Monsieur le bourgmestre Carlo Muller s'est vu proposer une opportunité de coopération avec la commune de Leudelange pour devenir le troisième partenaire de la piscine de Bettembourg. Evidemment, cette opération est sujette à discussion au sein du conseil communal, mais Monsieur le bourgmestre a pris la respectueuse liberté de ne pas donner suite à cette proposition, compte tenu du prix très élevé des parts et des frais de fonctionnement et de la distance qui séparent les communes de Reckange-sur-Mess et de Bettembourg.
- Au-delà de cette proposition, une autre coopération avec la commune de Leudelange est envisageable: La fusion des services de «Ruffbus», les «bus à l'appel» des deux communes. Cela permettrait d'en agrandir le rayon des destinations et d'en partager les frais d'exploitation. Affaire à suivre.
- Le 21 mars 2024, une réunion a eu lieu entre le collège échevinal de Reckange-sur-Mess et de Dippach et de potentiels exploitants du futur CIPA à Wickrange. Différentes formes de conventions ont été discutées, qui retiennent certaines garanties pour tous les partis impliqués. De plus, un rendez-vous auprès du Ministère de la Famille, disposant de certaines enveloppes de subsides, selon les modalités de construction, de location et d'exploitation, a été fixé.
- Le collège échevinal s'est concerté avec des représentants du corps enseignant de l'école fondamentale Kleesenberg de Reckange-sur-Mess. Y ont été présenté différents projets, dont notamment le déménagement vers la nouvelle Maison Relais, prévu avant la rentrée scolaire de 2024/2025.
- Le 27 avril 2024 aura lieu le «Faire Moiesdësch», le petit-déjeuner équitable, organisé par l'équipe Fairtrade de Reckange. L'événement a récem-

ment obtenu le label «Green Events», car répondant à un important nombre de critères de protection de l'environnement, de durabilité et d'économie circulaire.

2. **Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

3. **Approbation de la modification ponctuelle du projet d'aménagement particulier «Quartiers existants» (PAP-QE)**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification ponctuelle du projet d'aménagement particulier «Quartiers existants» (PAP-QE) en vigueur pour le compte de la commune de Reckange-sur-Mess. Le PAG actuel datant de 2020, il a été retenu que sur base des autorisations de bâtir reçues depuis, il existe certains points à redresser. Suite à cette décision, les plans du projet ont été déposés pendant 30 jours à la commune ainsi qu'affichés dans quatre quotidiens publiés et imprimés au Grand-Duché de Luxembourg. Endéans le délai imparti, aucune objection n'a été présentée au collège des bourgmestre et échevins et la modification a également été approuvée de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures.

4. **Approbation de devis extraordinaires**
   a) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acquisition de deux vélos électriques pour les services communaux, ceci pour encourager un comportement intelligent et durable en matière de mobilité auprès du personnel communal et d'utiliser ces vélos pour les trajets de service. Le devis approuvé s'élève à 6.000 €.
   b) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'installation du système «smartcity», un système intelligent de lecture à distance des compteurs d'eau, permettant aussi la détection et la réaction par rapport à des fuites sur le réseau d'eau potable. Le devis pour ce système, mis à disposition du service des eaux, s'élève à 19.000 €.

5. **Approbation d'un décompte relatif à des travaux extraordinaires**
Le conseil communal approuve à l'unanimité un décompte relatif à des travaux extraordinaires ayant permis le réaménagement d'un pont à Wickrange, où les dépenses effectives ont été légèrement plus élevées que les devis approuvés.

6. **Approbation d'un règlement communal concernant les cours d'écoles et aires de jeux**
Le conseil communal approuve à l'unanimité un nouveau règlement communal concernant les cours d'école et les aires de jeux, notamment par rapport à leur aménagement. Ce règlement fixe pour chaque espace de jeux, en fonction de son aménagement spécifique, les horaires d'ouverture, la tranche d'âge des usagers et les activités qui y sont admis. En cas de besoin, des conditions spécifiques peuvent être fixées pour les différents équipements d'un même espace de jeux. Ces conditions seront détaillées sur des panneaux installés à proximité des structures.

7. **Décision quant aux conditions de vente d'un véhicule de l'atelier communal**
Le conseil communal approuve à l'unanimité les conditions de vente d'une camionnette du parc des véhicules de l'atelier communal. Les conditions sont les suivantes.
   - mise en vente publique par adjudication
   - les offres doivent être adressées au secrétariat communal de la commune sous pli fermé
   - l'attribution du marché se fera à l'enveloppe la plus offrante
   - conclusion d'un contrat de vente
   - paiement du montant de l'offre retenue à la recette communale (virement bancaire, carte ou espèces)

8. **Participation aux frais de fonctionnement à la fête culturelle «Multikulti»**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'allocation d'une participation financière de 100 € par stand culinaire à la fête multiculturelle, de sorte à soutenir les exposants dans leurs dépenses. (achat de matières premières, accessoires etc.)

9. **Règlement-taxe relatif à la fixation des droits d'inscription aux cours de Nordic Walking**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement-taxe relatif à la fixation des droits d'inscription aux cours de Nordic Walking proposés par la commune, en collaboration avec la commission des sports. Considérant que la commune prend en charge la totalité des frais d'entraîneurs et pour l'impression de t-shirts, s'élevant à 100 € par participant, le collège échevinal propose de fixer l'inscription aux cours de Nordic Walking à 50 € par participant. Ainsi, la moitié des frais seront à charge de la commune.

10. **Approbation de deux actes notariés**
   a) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte notarié fixant la vente de deux terrains d'une surface totale de 38 centiares à Ëhlange, rue du Centre, à une entreprise installée à proximité de ces terrains. Il y a lieu de noter que les parcelles de terrain à vendre sont implantées à l'avant de la propriété de la société, ayant donc elle seule un intérêt réel pour l'acquisition de ces terrains. L'acte notarié pour la vente de ce terrain a été signé le 5 mars 2024.
   b) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte notarié fixant l'acquisition d'un terrain de 75 ares, situés à Ëhlange, «Im Hohen», ceci dans l'intérêt publique, plus spécialement en vue de l'agrandissement du patrimoine forestier communal. L'acte notarié pour l'acquisition de ce terrain a été signé le 8 mars 2024.

**11. Approbation d'une convention concernant des projets de protection de la nature à réaliser en 2024**
Le conseil communal décide de reporter l'approbation d'une convention une séance ultérieure. Elle concerne un projet à réaliser sur base du programme annuel soumis au conseil communal par le syndicat SICONA et porte sur l'installation d'une clôture barbelée sur une longueur de 500 mètres à Reckange-sur-Mess, «Auf der Wolfskaul». Pour ce faire, la commune doit être en possession de l'autorisation du propriétaire concerné. Le conseil communal estime qu'il n'est pas en mesure de délibérer sur ce point car les plans annexés à la convention montrent l'installation d'une clôture barbelée sur seulement un côté d'un terrain et non pas autour de toute la parcelle, et charge donc le collège échevinal de solliciter les responsables du SICONA afin d'obtenir des informations et explications supplémentaires sur ce projet.

**12. Décision de principe sur l'exécution de travaux de fossoyage**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la mise à jour de la convention avec une entreprise privée de fossoyage, qui définit les nouveaux termes et conditions auxquelles la société s'engage à fournir les différents travaux de fossoyage sur les cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess (Reckange-sur-Mess, Ehlange, Limpach et Roedgen).

**13. Règlement communal portant fixation des redevances à payer en matière de facturation de prestations sur les cimetières**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la fixation des redevances à payer en matière de facturation de prestations sur les cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess et du cimetière forestier «Diedenuecht», dans le cadre des opérations d'inhumation de dépouilles mortelles, avec effet au 1er mai 2024.

**14. Allocation de subsides aux associations locales et autres – exercice 2024**
Le conseil communal approuve à l'unanimité les subsides ordinaires annuels à verser aux associations communales pour l'exercice 2024, tels que présentés par le collège échevinal. Ces subsides sont calculés suivant un système de points calculés dans une grille d'attribution garantissant une distribution équitable des fonds.

**15. Décision sur l'octroi de subsides extraordinaires**
a) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'allocation d'un subside extraordinaire à l'a.s.b.l. KultuReck, qui s'engage à promouvoir l'art et la culture sur le plan local, régional, national et transfrontalier.
b) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'allocation d'un subside extraordinaire à l'association sportive locale LASEP, organisant depuis la rentrée scolaire 2014/2015 des cours sportifs avec les élèves des écoles préscolaires et primaires et développant ainsi l'esprit sportif et la libre pratique des sports.
c) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'allocation d'un subside extraordinaire à l'association sans but lucratif «Centre d'intervention et de secours Mondercange – Reckange/Mess».

**16. Conversion d'un poste d'employé communal en un poste de fonctionnaire communal**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la conversion d'un poste d'employé communal classé dans la catégorie B – groupe d'indemnité B1 – sous-groupe administratif en un poste de fonctionnaire communal classé dans la catégorie B – groupe de traitement B1 – sous-groupe technique.

**Points d'urgence supplémentaires**
Le conseil communal approuve les trois points supplémentaires portant sur des modifications budgétaires et détaillés dans l'introduction de ce rapport.

**17. Divers (questions au collège échevinal)**
En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment une sensibilisation écrite auprès des associations sportives, utilisant la salle de sport Kleesenberg, pour leur rappeler les codes de conduite appropriés et responsables avec les badges donnant accès à la salle.

**Séance à huis clos**
Les points 18 et 19 concernent des affaires du personnel et ont donc été traités à huis clos.

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du

14 décembre 2023, a **modifié le règlement-taxe relatif au service «Nightrider»**, décision approuvée par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures le 20 février 2024, référence 846xaa65e.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 23 février 2024.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

# Sëtzung vum Gemengerot vum 21. Mäerz 2024

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Christian Tolksdorf (Schäffen), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Dominique Da Costa, Claire Pépin, Yann Kohl (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

**Entschëllegt:** Marc Ludwig (Schäffen)

Den Här Buergermeeschter Carlo Muller schléit dem Gemengerot vir, dräi dréngleche Punkten op d'Dagesuerdnung vun dëser Sëtzung bäizesetzen. Hei geet et ëm d'Bäisetze vun engem neien Artikel an d'Eropsetze vu Kreditter fir Rechnungen ze bezuelen, déi mam Entretien vun de Stroosseluuchten a ma dem Naturschutzsyndikat SICONA ze dinn hunn. Iwwert dës Punkte gëtt zum Schluss vun der Seance delibeRéiert.

1. **Informatioune vum Schäfferot**
    - De Schäfferot huet sech mam Affekot vun der Gemeng ënnerhale fir de Point ze maachen iwwert verschidden oppen Dossieren. Een Dossier opposéiert d'Gemeng engem Promoteur vun engem PAP zu Wickreng. En zweeten Dossier opposéiert d'Gemeng enger Reckenger Famill, an deem d'Gemeng ëmmer nach op eng Äntwert waart a sech ëmmer nach bereet erklaert, en Arrangement à l'amiable ze fannen. En drëtten Dossier opposéiert d'Gemeng engem Éilenger Bierger, deen der Gemeng iwwerméissege Kaméidi aus dem Centre de Rencontre an aus der Wiertschaft virgehäit. Hei waart d'Gemeng och op eng Äntwert. Dobäi kënnt awer och nach eng rezent Nouvelle: D'Firma, déi d'Epicerie Fine am Rez-de-Chaussée vum Centre de Rencontre zu Éileng exploitéiert, ass Faillite. Verschidde Virfäll hu schonn dofir gesuergt, dass et tëschent der Gemeng an dëser Firma zu ongeléiste Problemer koum. Dës Faillite mécht dësen Dossier ëmsou méi komplizéiert.
    - De 6. Mäerz 2024 huet déi ganz Administratioun vun der Gemeng un enger Formatioun iwwert den Dateschutz deelgeholl. Si gouf vum Délégué à la protection des données vun der Gemeng animéiert.
    - De Schäfferot huet sech mat sengem Vertrieder um Niveau vum Office Social vu Mamer ënnerhalen, deen en Abléck an d'Statistike bidde konnt. Momentan ass d'Situatioun net alarmant, mee et ass scho virkomm dass verschidde Reckenger Matbierger d'Servicer vum Office Social opgesicht hunn.
    - De 7. Mäerz 2024 huet de Service technique eng gewëssen Unzuel u Kandidaten interviewt, déi sech fir den neie Postë vum Sécherheetsdeleguéierte gemellt hunn.
    - Bei eise Kierfechter gouf gemierkt dass verschidde Griewer an engem desolaten Zoustand sinn. An éischter Hisiicht gouf entscheet, dass déi Griewer ewechgeholl ginn, déi an engem schlechten Zoustand sinn a keng Concessioun hunn. Déi Griewer, déi keng Concessioun hunn, mee an engem gudden Zoustand sinn, gi fir de Moment nach gehal.
    - De Schäfferot huet un der Plattform Maison Relais deelgeholl, am enken Austausch mat dem Lëtzebuerger Roude Kräiz, dat d'Maison Relais exploitéiert. D'Konversatioun stoung ganz ënnert dem Zeeche vun der Plënner an dat neit Gebai virun der Rentrée 2024/2025.
    - De 14. Mäerz 2024 huet sech de Schäfferot mam Office Régional du Tourisme ënnerhalen, zesumme mat der Madamm Nicole Thorn aus dem Gemengerot, fir sech iwwert d'touristesch Potential vun der Gemeng auszetauschen.
    - Den Här Buergermeeschter Carlo Muller krut vun der Gemeng Leideleng ee Kooperatiounsvirschlag ënnerbreet, fir d'Gemeng Reckeng op der Mess zum drëtte Partner an der Beetebuerger Schwämm ze maachen. Natierlech soll dës Propose am Gemengerot beschwat kënne ginn, mee den Här Buergermeeschter huet sech déi respektvoll Fräiheet geholl, dëser Offer keng Folleg ze leeschten, dëst wéinst dem héije Präis vun de Parten a vun den zousätzleche Betribskäschte souwéi wéinst der Distanz tëschent der Gemeng Beetebuerg a Reckeng op der Mess.
    - Niewent dësem Virschlag steet nach eng zousätzlech Kooperatiounsméiglechkeet mat Leideleng am Raum: D'Fusioun vun hire Ruffbus-Servicer. Dëst géing et erméiglechen, de Rayon vun den Destinatiounen ze vergréisseren an d'Betribskäschten ze deelen. Affaire à suivre.
    - Den 21. Mäerz 2024 huet eng Reunion vum Reckenger a vum Dippecher Schäfferot stattfonnt, zesumme mat potenzielle Bedreiwer vum zukünftegen CIPA zu Wickreng. Verschidde Konventiounsforme goufe beschwat, déi ënnerschiddlech Garantie fir all d'Parteie beinhalten. Dobäi kënnt dass e Rendez-vous beim Familljeminister ugefrot gouf, dee sengersäits eng Rei Subsidë ka virgesinn, jee no Bau-, Locatiouns- a Betribsmodalitéiten.
    - De Schäfferot huet sech mat Vertrieder vum Léierpersonal vun der Schoul Kleesebierg zu Reckeng op der Mess ënnerhalen. Verschidde Projete goufe beschwat, ënner anerem d'Plënner an déi nei Maison Relais, déi nach virun der Rentrée 2024/2025 virgesinn ass.
    - De 27. Abrëll 2024 fënnt de Faire Moiesdësch statt, deen d'Fairtrade Equipe vu Reckeng op der Mess organiséiert. Dës Manifestatioun huet viru Kuerzem de Green-Events-Label erhal, well si eng ganz Rëtsch un ëmweltfrëndlechen, nohaltegen a kreeslafwirtschaftleche Krittären erfëllt.

2. **Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

3. **Geneemegung vun enger punktueller Ännerung vum Projet d'amenagament particulier „Quartiers existants" (PAP-QE)**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi punktuell Ännerung vum Projet d'amenagament particulier „Quartiers existants" (PAP-QE), dee momentan fir d'Gemeng Reckeng op der Mess a Kraaft ass. Den aktuelle PAG ass vun 2020 an et gouf festgehal dass, op Basis vun all de Baugeneemegungen, déi zënterhier op der Gemeng agaange sinn, verschidde Punkte verbessert musse ginn. No dëser Entscheedung goufen d'Pläng vum Projet wärend 30 Deeg op der Gemeng hannerluecht an a véier verschidden Dageszeitunge veräffentlecht, déi zu Lëtzebuerg gedréckt a publizéiert ginn. An deene virgeschriwwenen Delaie goufen dem Schäfferot keng Reklamatiounen adresséiert an d'Modifikatioun gouf och vum Inneministère geneemegt.

4. **Geneemegung vun extraordinären Devisen**
   a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Uschafung vun zwee elektresche Véloe fir d'Gemengeservicer, dëst fir intelligent an nohaltegt Mobilitéitsverhalen z'encouragéiere bei de kuerzen Trajete vum Gemengepersonal. De geneemegten Devis beleeft sech op 6.000 €.
   b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Installatioun vum „smartcity", een intelligente System deen op Distanz d'Waasserzieler ofliese kann an och d'fréizäiteg Erkennung vun an d'Reaktioun zu Fuiten um Drénkwaassernetzwierk erméiglecht. Den Devis vun dësem System, deen dem Waasserdéngscht zur Verfügung gestallt gëtt, beleeft sech op 19.000 €.

5. **Geneemegung vun engem Decompte iwwert extraordinär Aarbechten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Decompte iwwert extraordinär Aarbechte fir d'Reamenagement vun enger Bréck zu Wickreng, wou d'Ausgabe liicht méi héisch ware wéi déi geneemegt Devisen.

6. **Geneemegung vun engem Gemengereglement iwwert d'Schoulhäff an d'Spillplazen**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en neit Gemengereglement iwwert d'Schoulhäff an d'Spillplazen, besonnesch iwwert hiert Amenagement. Dëst Reglement fixéiert fir all Spillberäich, jee no individuellem Amenagement, hir Ëffnungszäiten, d'Altersbegrenzungen an déi erlaabten Aktivitéiten. Falls noutwenneg kënne spezifesch Bestëmmunge fir verschidde Strukturen op engem an eenzege Spillberäich festgesat ginn. Dës Konditioune ginn op Schëlder bei de betraffene Strukturen detailléiert.

7. **Entscheedung iwwert d'Verkafsbedingunge vun engem Auto aus dem Gemengenatelier**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Bedingunge fir de Verkaf vun enger Camionnette aus dem Gemengefuerpark. D'Konditioune si follgend:
   - Verkaf duerch eng ëffentlech Stee
   - D'Offere mussen dem Gemengesekretariat schrëftlech an enger zouener Enveloppe eragereecht ginn
   - Den Auto gëtt der héchstbiddender Enveloppe zougesprach
   - E Verkafsvertrag gëtt opgestallt
   - D'Bezuele vum festgehalene Montant fënnt an der Recette vun der Gemeng statt (Virement, Kaart oder boer)

8. **Bedeelegung un de Betribskäschte vum MultiKulti-Fest**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun enger finanzieller Bedeelegung vun 100 € pro Iessstand um MultiKulti-Fest, fir d'Aussteller bei hiren Ausgaben z'ënnerstëtzen. (Kaf vu Matière première, Accessoiren etc.)

9. **Taxëreglement fir d'Aschreiwung fir Nordic-Walking-Coursen**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Taxëreglement fir d'Aschreiwungsrechter fir Nordic-Walking-Coursen, déi d'Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Sportskommissioun ubitt. Well d'Gemeng déi ganz Trainer- an T-Shirt-Drockkäschten iwwerhëlt, also ronn 100 € pro Participant, schléit de Schäfferot vir d'Aschreiwungskäschte fir d'Nordic-Walking-Coursen op 50 € pro Kapp ze fixéieren. Sou iwwerhëlt d'Gemeng d'Hallschent vun de Käschten.

10. **Geneemegung vun zwee Notairesakten**
   a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Notairesakt deen de Verkaf vun zwee Terraine vun enger Gesamtfläch vun 38 Zentiar zu Éileng, rue du Centre betrëfft, un eng Firma déi un dës Terrainen ugrenzt. Si befanne sech genau virun der Parzell vun der Firma, sou dass dës Firma als eenzeg e reellen Interessi um Kaf vun dësen Terrainen huet. Den Notairesakt gouf de 5. Mäerz 2024 ënnerschriwwen.
   b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Notairesakt deen d'Uschafung vun engem Terrain vu 74 Ar zu Éileng, „Im Hohen" reegelt, dëst am ëffentlechen Interessi, fir de Gemengebëschpatrimoine ze vergréisseren. Den Notairesakt fir dës Acquisitioun gouf den 8. Mäerz 2024 ënnerschriwwen.

11. **Geneemegung vun enger Konventioun fir Naturschutzprojete fir d'Joer 2024**
De Gemengerot huet sech dofir entscheet, d'Geneemegung vun enger Konventioun op e spéideren Datum ze verleeën. Dës Konventioun betrëfft e Projet deen op Basis vum Jorespogramm vum SICONA realiséiert gëtt an dem Gemengerot virgestallt gouf,

speziell awer d'Installatioun vun engem 500-meter-laange Stacheldrot zu Reckeng op der Mess, „Auf der Wolfskaul". Fir dëst z'erméigleche brauch d'Gemeng déi néideg Erlabnisser vum betraffene Besëtzer. De Gemengerot ass allerdéngs der Meenung, net kënnen iwwert dëse Punkt ze deliberéieren, well déi annexéiert Konventiounspläng just Stacheldrot op enger Säit vum Terrain virgesinn an net ganz ronderëm a gëtt dofir dem Schäfferot d'Missioun, zousätzlech Informatiounen an Erklärungen iwwert dëse Projet säitens de Verantwortlecher vum SICONA ze kréien.

**12. Grondsazentscheedung iwwert d'Ausféierung vun Doudegrieweraarbechten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Aktualiséierung vun der Konventioun mat enger privater Doudegriewerfirma, déi déi nei Konditioune festhält, mat deene sech d'Firma engagéiert déi verschidden Aarbechten op eise Kierfechter auszeféieren (Reckeng op der Mess, Éileng, Lampech a Riedgen).

**13. Gemengereglement iwwert d'Fixatioun vun den Taxen, déi fir Aarbechtsleeschtungen um Kierfecht berechent ginn**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vun den Taxen, déi fir Aarbechtsleeschtungen op de Kierfechter vu Reckeng op der Mess an um Bëschkierfecht „Diedenuecht" berechent ginn am Kader vu Bäisetzungsaarbechten, mat Wierkung ab dem 1. Mee 2024.

**14. Allocatioun vu Subsiden un eis lokal Veräiner - Exercice 2024**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Subsiden, déi de lokale Veräiner fir d'Joer 2024 ausgeschott ginn, esou wéi se vum Schäfferot virgestallt goufen. Dës Subsidë ginn unhand vun engem Punktesystem an enger Attributiounstabell gerechent. Dës garantéiert eng fair Verdeelung vun de Fongen.

**15. Entscheedung iwwert d'Ausbezuele vun extraordinäre Subsiden**

a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside un d'a.s.b.l. KultuReck, déi sech fir d'Promotioun vu lokaler, regionaler, nationaler a grenziwwergräifender Konscht a Kultur asetzt.
b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside un de Sportsveräin LASEP, deen zënter der Schoulrentrée 2014/2015 Sportscourse fir d'Grondschoulschüler proposéiert an esou de Sportsgeescht an dat fräit Ausübe vun enger Sportaart entwéckelt.
c) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside un d'a.s.b.l. „Centre d'intervention et de secours Mondercange – Reckange/Mess".

**16. Ëmwandlung vun engem Gemengenemployésposten an e Gemengebeamteposten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konversioun vun engem „poste d'employé communal classé dans la catégorie B – groupe d'indemnité B1 – sous-groupe administratif" an ee „poste de fonctionnaire communal classé dans la catégorie B – groupe de traitement B1 – sous-groupe technique."

**Drénglech Zousazpunkten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi dräi Zousazpunkten iwwert budgetär Ännerungen, souwéi se an der Aleedung vun dësem Rapport beschriwwe goufen.

**17. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**
Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert eng schrëftlech Sensibiliséierung vun all de Sportsveräiner, déi d'Sportshal um Kleesebierg benotzen, zum Thema adequaten Ëmgang mat de Badgen déi Accès an de Sall ginn.

**Huis-Clos-Seance**
D'Punkten 18 an 19 betreffen d'Gemengepersonal a goufen dohier an der Huis-Clos-Seance behandelt.



15.02.2024

# Analyse d'eau potable

*Les résultats des analyses précédentes peuvent être consultés sur notre site www.reckange.lu/environnement/analyse-deau-potable/*

| | | | |
|---|---|---|---|
| N° échantillon: | **24-02186** | Date de début des analyses: | **15/02/2024** |
| Votre référence*: | **AEP-310-90** | **Commune de Reckange-sur-Mess** | **Reckange-sur-Mess** |
| Info complémentaire*: | **Mairie Reckange-sur-Mess rdch WC** | | |
| Nature de l'échantillon*: | **eau de distribution** | | |
| Prélevé le*: | **15/02/2024 à 09:55** | Prélevé par*: | **KLEPPER - Admin. de la Gestion de l'Eau** |
| Type d'échantillonage*: | **ponctuel - sous accréditation** | | |
| Objectif ISO 19458*: | **A** | | |

**PARAMETRE(S) par section**

## MESURES SUR LE TERRAIN

### INDICATEURS

| | Note | Méthode | Résultat | Unité | VG | VL |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Température | # | DIN 38404-C4 | **9.5** | °C | | |
| Chlore libre | # | ISO 7393-2 | **<0.05** | mg/l | | |
| Chlore total | # | ISO 7393-2 | **<0.05** | mg/l | | |
| Chlore combiné | # | ISO 7393-2 | **non réalisé** | mg/l | | |

## MICROBIOLOGIE

### BACTÉRIES

| | Note | Méthode | Résultat | Unité | VG | VL |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Bactéries coliformes | # | ISO 9308-2 | **<1** | NPP/100ml | <1 | |
| Escherichia coli | # | ISO 9308-2 | **<1** | NPP/100ml | | <1 |
| Entérocoques intestinaux | # | ISO 7899-2 | **<1** | cfu/100ml | | <1 |
| Teneur en colonies à 36°C | # | ISO 6222 | **2** | cfu/ml | | |
| Teneur en colonies à 22°C | # | ISO 6222 | **<1** | cfu/ml | | |

## PHYSICO-CHIMIE

### CARACTÉRISTIQUES

| | Note | Méthode | Résultat | Unité | VG | VL |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Aspect | | SOP 11300 (2) | **propre** | | | |
| Couleur | | SOP 11300 (2) | **incolore** | | | |
| Odeur | | SOP 11300 (2) | **inodore** | | | |

### INDICATEURS

| | Note | Méthode | Résultat | Unité | VG | VL |
|---|---|---|---|---|---|---|
| pH | # | ISO 10523 | **7.5** | | 6.5-9.5 | |
| Température | # | DIN 38404-C4 | **16.2** | °C | | |
| Conductibilité électrique à 20°C | # | ISO 7888 | **399** | µS/cm | 2500 | |
| Turbidité | # | ISO 7027 | **<0.50** | FNU | | |
| Dureté carbonatée | # | ISO 9963-1 | **16** | d°f | | |
| Dureté totale (calculée ISO14911) | # | | **20** | d°f | | |

### IONS

| | Note | Méthode | Résultat | Unité | VG | VL |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Chlorure | #;D | ISO 10304-1 | **18** | mg/l | 250 | |
| Nitrate | #;D | ISO 10304-1 | **23** | mg/l | | 50 |
| Sulfate | #;D | ISO 10304-1 | **21** | mg/l | 250 | |
| Sodium | #;D | ISO 14911 | **11** | mg/l | 200 | |
| Potassium | #;D | ISO 14911 | **1.5** | mg/l | | |
| Calcium | #;D | ISO 14911 | **75** | mg/l | | |
| Magnésium | #;D | ISO 14911 | **3.9** | mg/l | | |

### NUTRIMENTS

| | Note | Méthode | Résultat | Unité | VG | VL |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Ammonium | #;D | ISO 7150-1 | **<0.02** | mg/l | 0.50 | |
| Nitrite | #;D | ISO 10304-1 | **<0.01** | mg/l | | 0.50 |

Commission pour l'Histoire

Reckange-sur-Mess

# Woufir eng „Geschichtskommissioun"?

## *Pourquoi une «Commission pour l'Histoire»?*

- **D'Geschicht vun eiser Gemeng an den Dierfer festhalen**
- **De Patrimoine vun eiser Gemeng erhalen a mat flotte Projeten en Valeur setzen**
- **D'Gemeinschafts- an d'Gesellschaftsliewen dokumentéieren**

**Mir brauchen Iech!**

- Fotoen, Negativen, Datum an Nimm vun de Leit op der Photo
- Filmer
- Texter, Zeitungsartikelen
- Plakater
- Veräinsbrochuren

Kuerz gesot: All interessant Material wat eng Geschicht iwwert eis Gemeng erzielt.

**Dir wëllt déi Saachen awer gären halen?**

Kee Problem. Léint eis se: mir kopéieren se a ginn Iech se duerno natierlech nees zeréck. Denkt un eis, wann Dir de Späicher raumt. Geheit keng Fotoen ewech w.e.g.

- ***Retracer l'histoire de notre commune et de nos villages***
- ***Conserver le patrimoine de notre commune et le mettre en valeur avec de beaux projets***
- ***Documenter l'évolution de la vie associative et sociale***

***Nous avons besoin de vous!***

- *Photos, négatifs, dates et noms des personnes représentées sur les photos*
- *Films*
- *Textes, articles de presse*
- *Affiches*
- *dépliants d'associations*

*En bref: tout document intéressant relatant l'histoire de notre commune*

***Vous préférez garder vos souvenirs?***

*Pas de problème. Prêtez-les nous: nous les copierons et évidemment, nous vous les rendrons. Pensez à nous quand vous rangez le grenier. Et s'il vous plaît, ne jetez pas de photos!*



"

Denkt un eis, wann Dir de Späicher raumt.
*Pensez à nous quand vous rangez le grenier.*



# **Projet:** Eis Dierfer am Wandel vun der Zäit

# ***Projet:*** *Nos villages au fil du temps*

Eis Dierfer, gëschter an haut: an engem éischte Projet wëlle mir mat Fotoen eis Dierfer am Wandel vun der Zäit dokumentéieren.

**Dir hutt Fotoe mat Vuen aus eisen Dierfer?**

Deelt se mat eis, mir probéieren déi selwecht Foto mat der selwechter Vue vun haut nozestellen.

*Nos villages, hier at aujourd'hui: pour ce premier projet, nous voudrions documenter l'évolution de nos villages au fil du temps.*

***Vous avez d'anciennes photos de nos villages?***

*Alors partagez-les avec nous et nous tenterons de les recréer avec la vue d'aujourd'hui.*

**patrimoine@reckange.lu • 621 419 126**










## 14.01.2024 - Auditioune vun der UGDA / *Auditions de l'UGDA*



Orga: KultuReck a.s.b.l.
@ Centre Culturel Pëtzenhaus - Reckange

## 16.03.2024 - Concert mat Lëtzebuerger Musek



Orga: Reckenger Musek a.s.b.l.
@ Centre Culturel Pëtzenhaus - Reckange

## 23.03.2024 - Kniddelsfest





Orga: CISMR a.s.b.l.
@ Centre Culturel Pëtzenhaus - Reckange

Commission du 3e âge
Reckange-sur-Mess

# 21.01.2024 - Seniorefeier / *La Fête des Seniors*













Orga: Drëttalterskommissioun / *Commission du 3e âge*
@ Centre Culturel Pëtzenhaus - Reckange

# Geckeg Mess



Eng Gemeng, zwou Navetten, 5 Wiertschaften a 6 Stonne Rambazamba: Déi zweet Versioun vun der Geckeger Mess huet den 9. Mäerz 2024 stattfonnt! Gecke vu Wäit a vun No hu sech zesummefonnt fir op dësem Fuesboke-Rallye de Simon's Bistro zu Éileng, de Messcafé zu Reckeng, d'Millesch zu Lampech, d'Pissenger Hütt zu Piisseng an An Haffen zu Wickreng onsécher ze maachen. **E Réckbléck a Biller!**


















All d'Fotoe vun dësem Event op reckange.lu / *Toutes les photos de cet événement sur reckange.lu*







*Une commune, deux navettes, 5 bistros et 6 heures de folie: la 2e édition de la grande fête du carnaval «Geckeg Mess» a eu lieu le 9 mars 2024. De tous les horizons, les fêtards se sont donné rendez-vous pour ce rallye qui les a menés d'une fiesta à l'autre, du Simon's Bistro à Éhlange au Messcafé à Reckange, en passant par la Millech à Limpach, la Pissenger Hütt à Pissange et An Haffen à Wickrange.* ***Retour en images!***



# ATTENTION AUX ARNAQUES !

POLICE LËTZEBUERG

Ces dernières années, les arnaques et tromperies sont devenues de plus en plus fréquentes. Et les escrocs ne cessent d'inventer de nouvelles combines pour soutirer de l'argent à leurs victimes. Ne vous laissez pas duper !

## ARNAQUES EN LIGNE OU PAR TÉLÉPHONE

- Vous avez reçu un message non-sollicité vous demandant de partager vos données bancaires ?
- Un appel d'une personne qui prétend faire partie de votre famille, qui serait en détresse et aurait rapidement besoin d'argent ?
- Vous avez vu une offre extrêmement lucrative pour acheter un produit sur les réseaux sociaux, ou une personne vous a contacté via un tel réseau pour vous faire participer à un investissement d'argent ?



## MÉFIEZ-VOUS!

- Si une personne vous demande avec insistance de lui fournir de l'argent, des objets de valeur ou une caution, ne lui cédez pas.
- Ne partagez jamais des informations personnelles ou bancaires lorsqu'une personne vous les a demandées par courriel, SMS ou via un autre service de messagerie.
- Ne cliquez jamais sur un lien qu'une personne inconnue vous a envoyé.
- Si vous avez un doute quant à l'origine d'un message, contactez la banque, l'entreprise ou l'administration en question pour vérifier s'il s'agit bien d'un message authentique.

113 URGENCES

**Si vous avez été victime d'une arnaque, contactez au plus vite la Police afin que les démarches nécessaires puissent être entamées.**

# 23.03.2024 - Déi grouss Botz / *Le grand ramassage*

Commission écologique
Reckange-sur-Mess







Op Initiativ vun der Ëmweltkommissioun huet d'Gemeng Reckeng op der Mess seng Biergerinnen a Bierger opgeruff, un hirer Grousser Botz deelzehuelen. An dëst mat vollem Erfolleg: Iwwer 50 Leit, dorënner vill Memberen aus verschiddene Veräiner, hu sech op de Wee gemaach fir eis Stroossen erëm propper ze maachen. Dat wat Dir hei am Camion gesitt ass nach laang net de ganzen Dreck ...

*À l'initiative de la Commission de l'Environnement, la Commune de Reckange-sur-Mess a lancé un appel auprès de sa population pour participer à son grand ramassage. Et ceci avec grand succès: Plus de 50 personnes, dont notamment de nombreux membres de différentes associations locales, sont partis en vadrouille pour nettoyer nos rues. Ce que vous voyez ici dans le camion n'est qu'une partie des déchets ramassés.*

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima



KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
65%

## Léinen amplaz ze kafen

D'Initiativ Gutt Geschier erméiglecht de Bierger, Geschier (Handwierksgeschier, Gaardegeschier, ...) ze léinen amplaz ze kafen. D'Leit kënnen esou hier Aarbechten doheem selwer maachen an dat ouni Geschier mussen deier anzekafen, wat duerno eventuell net méi gebraucht gëtt.

Mat Gutt Geschier drot Dir och zur Kreeslafwirtschaft bäi : 95% vum ugebuedene Geschier gëtt recuperéiert, a kritt duerch de Projet een zweet Liewen. Wäertvoll Ressourcen déi soss an der Dreckskëscht oder am Recycling geland wieren, ginn esou ouni gréisseren Opwand weider valoriséiert. Doriwwer eraus sensibiliséiert dës Initiativ de Bierger op d'Notzung vun Energie a Ressourcen. Gutt Geschier kann dozou bäidroen e Mentalitéitswiessel an de Konsumgewunnechte vum Bierger erbäizeféieren.







## Firwat Gutt Geschier?

- Eng besser Ressourceverwäertung: Energie a Materialie spueren
- $CO_2$-Emissioune reduzéieren
- Eng länger Notzungsdauer vum Geschier
- Zesummenaarbecht mat engem Atelier protegé
- Sue spueren
- Wéi funktionneiert et?

Iwwert d'Websäit guttgeschier.lu kënnen d'Bierger d'Geschier reservéieren an dono op d'Plaz gratis ausléine kommen **(Facilitec zu Esch-Uelzecht oder op d'Matgesfeld, zu Bieles.)**

1) Geschier aus dem Inventar reservéieren (guttgeschier.lu)
2) Geschier gratis léine kommen
3) Geschier benotzen
4) Zeréck ginn

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
65%

# Loosst äre Wues wuessen an hëlleft eise Bestëbser!




Sticker

## Wéi kann ech matmaachen?

Op ärer Gemeng oder direkt iwwert de SIAS kritt dir e Sticker, deen dir iech op d'Bréifkëscht pechen an sou är Participatioun weise kënnt. Fotoe vun ärem Gaart kënnt dir bei eis ob moien@sias.lu era schécken an sou un engem Gewënnspill deelhuelen. Dir kënnt är Fotoen och gären ob de soziale Medie mam #BlummefirBestëbser deelen.






## Wat sinn d'Spillreegelen?

D'Spillreegelen si ganz einfach: Dir méit net am Mee. Dir musst dobäi net onbedéngt dee ganze Wuess stoe loossen, mee kënnt och just en Deel dervu wuesse loossen.

## A wéi hëllefen ech domat de Bestëbser?

Wann een d'Méimaschinn am Fréijoer méi laang stoe léisst, dann hunn d'Déieren, déi am Buedem oder un de Grashällem iwwerwanteren, eng besser Chance ze iwwerliewen. An der méi spéit geméiter Wiss kënnen sech wëll Kraider usidelen. Eng propper geméite Wiss bitt kee Liewensraum fir eis Insekten, an ass donieft och net un de Klimawandel ugepasst.

Weider Informatiounen:
www.sias.lu/naturschutz/biologische-station/mei-net-am-mee
#BlummefirBestëbser
moien@sias.lu

SICONA Naturschutzsyndikat

KlimaPakt
EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
65%

Administration communale
de Reckange-sur-Mess

# **Et si un conseil de base indépendant et gratuit** vous permettait d'améliorer l'efficacité énergétique de votre logement ?




**Notre commune et Klima-Agence, une collaboration énergique**

Ensemble, nous vous accompagnons pour trouver les solutions qui correspondent à vos projets d'habitat, de mobilité durable, et ainsi consommer mieux et moins.

Abordez les étapes nécessaires pour réussir votre projet de rénovation énergétique, de construction durable, découvrez les aides financières disponibles pour chauffer votre logement grâce aux énergies renouvelables et produire votre électricité à partir du soleil, ou faites-vous conseiller pour réduire vos dépenses énergétiques et passer à une mobilité électrique en toute facilité !

Prenez rendez-vous avec votre conseiller Klima-Agence dès aujourd'hui, pour une visite à domicile, une vidéoconférence ou un conseil par téléphone.

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
65%




**le dimanche 16 juin 2024**

# JOURNÉE «UPCYCLING»
## RÉEMPLOI ET VALORISATION DES DÉCHETS

**Point Presse (Présentation de nouveaux projets) à 11h00**

**Repair café à partir de 13h00**

Repair Vélos & vente de vélos d'occasion

Ateliers, animation et jeux pour enfants

Exposants dans l'esprit de l'économie circulaire, brocante, …

Visites guidées

Petite restauration

SIVEC

Administration communale
de Reckange-sur-Mess

# Engagement d'étudiant(e)s pendant les vacances d'été

Pendant les vacances d'été 2024, entre le 22 juillet et le 13 septembre, 16 élèves et étudiant(e)s pourront s'inscrire auprès de l'Administration communale, pour une durée de deux semaines consécutives, afin d'effectuer divers travaux à l'atelier communal aux conditions suivantes :

1. Les candidat(e)s doivent être âgé(e)s de 16 ans au moins et être domicilié(e)s dans la commune de Reckange-sur-Mess.
2. Les candidat(e)s remettront le formulaire d'inscription ci-dessous dûment rempli accompagné d'un certificat de scolarité de l'année scolaire 2023/2024. Les demandes sans certificat de scolarité ne sont pas retenues.
3. Dans la demande les candidat(e)s pourront indiquer les semaines pendant lesquelles ils/elles seront disponibles. Le collège échevinal se réserve le droit de placer les personnes qui auront posé leur candidature pour les 4 périodes dans celle qui présente des vacances. Sachant que pour chaque période un maximum de 4 candidat(e)s seront admis(es). Une éventuelle surcharge de l'une ou de l'autre des périodes entraînera un tirage au sort qui se fera à huis clos. Priorité sera donnée aux nouveaux candidat(e)s.
4. L'embauchage et l'indemnisation des élèves se feront aux termes de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction du code travail (Titre V – articles L.151-1 à L.151-9)

## Inscription

Je soussigné(e): ______________________ Tél.: ______________________

Domicilié(e) à: ______________________________________________

Matricule social: ______________________ E-Mail: ______________________

Sollicite par la présente une occupation par la Commune de Reckange-sur-Mess en qualité d'étudiant(e) pendant les vacances d'été 2024 aux conditions énumérées ci-dessus.

J'ai déjà été occupé(e) auprès de la commune : ☐ oui (année : ________ ) ☐ non

Je serai disponible pendant les périodes suivantes (cases à cocher)

☐ 22.07. au 02.08. ☐ 05.08. au 16.08. ☐ 19.08. au 30.08. ☐ 02.09. au 13.09.

**À joindre :** **- un certificat d'inscription scolaire de l'année scolaire 2023/2024**
**- un relevé d'identité bancaire**

Par sa signature, le/la candidat(e) déclare respecter les horaires prescrits et les dispositions légales, réglementaires et conventionnelles régissant les conditions de travail. Il se déclare en outre obéir au préposé du service. Il accomplira la tâche qui lui est demandée selon ses capacités. Il s'engage à être présent pendant toute la période choisie (sauf en cas de maladie ou en cas de force majeure).

Date: ______________________ ______________________
Signature du candidat

## Déclaration de consentement pour mineurs

Nom: ______________________ Prénom: ______________________

Qualité: ☐ Père ☐ Mère ☐ Tuteur légal (à cocher ce qui convient)

Le signataire autorise son fils/sa fille mineur(e) à accepter un emploi à la commune de Reckange-sur-Mess pendant les vacances d'été 2024, conformément au contrat à signer entre les parties.

Date: ______________________ ______________________
Signature du père / de la mère / du tuteur légal

La commune de Reckange-sur-Mess s'engage à respecter vos droits en matière de protection des données selon la législation en vigueur sur le traitement des données à caractère personnel. Ces données sont stockées et utilisées exclusivement à des fins de traitement de votre demande ou de prise de contact. Après expiration du traitement de votre demande, vos données sont effacées, pourvu que vous le demandiez et que des délais de conservation légaux ne s'opposent pas à un tel effacement.

La demande est à remettre jusqu'au **17 mai 2024** au plus tard à l'adresse ci-après :

Commune de Reckange-sur-Mess
c/o Mme Jenny MANNES
83, rue Jean-Pierre Hilger
L-4980 Reckange-sur-Mess

# Mir gratuléieren / *Félicitations*




**Hochzäit / 20.01.2024**
Caroline Schroeder & Pol Guerkinger



**90 Joer / 28.03.2024**
Den Här Joseph Wolff, zesumme mam Här Buergermeeschter Carlo Muller (l.) a mam Har Schäffe Marc Ludwig (r.).


APERM
KANNER
SECOND HAND
KLEEDER & SPILLSAACHEN
21.ABRELL 2024
10:00 - 17:00
AM PËTZENHAUS ZU RECKANGE/MESS
1,RUE DE LA MONTEE
L-4981 RECKANGE-MESS
FIR IESSEN A GEDRÉNKS ASS OCH GESUERGT


D'Gemeng Reckeng op der Mess,
an Zesummenaarbecht mat dem Fairtrade-Team,
invitéiert op de
Faire Moiesdësch
GREEN. EVENTS
Méi Infos op der Récksäit
Samschdes, de 27. Abrëll 2024
ab 8.30 Auer am Centre de Rencontre
„Um Buer“, Sall „Quäärten“
(2, rue de Roedgen zu Éileng)
Den Dësch gëtt mat fairen a regionale Liewensmëttel gedeckt.
Donierwt gëtt e Stand vum Escher Weltbuttek
an e Virtrag vum Här Karel Lambert
zum Thema fair Moud.
Mellt Iech w.e.g.
bis den 22. Abrëll 2024 un: 37 00 24 - 1
Administration communale de Reckange-sur-Mess
Reckange-sur-Mess
KlimaPakt


De gesellege Spadséiergang
Reckange-sur-Mess
Administration communale de Reckange-sur-Mess
geet an déi véiert Ronn!
Ouni Umeldung, kommt einfach dohinn!
Treffpunkter:
› Donneschdes, den 11. Abrëll 2024 um 14.00 Auer um Busarrêt zu Riedgen - Circuit E+F (ca. 6,5 km)
› Donneschdes, de 16. Mee 2024 um 10.00 Auer bei der Kierch zu Reckeng - Circuit B (ca. 4,6 km)
› Samschdes, de 15. Juni 2024 um 14.00 Auer um Parking beim Centre de Rencontre zu Éileng Circuit I+J (ca. 5,5 km)
KlimaPakt
Luese bis moderaten Tempo


la fête des voisins
nopesch fest
Freideg, de 24. Mee 2024
Vendredi 24 mai 2024
nopeschfest.lu
Follow us
Association Luxembourgeoise des Solidarités de Proximité a.s.b.l.
Zesumme liewen
SYVICOL

VUM 3. BIS 5. MEE 2024 ZU RECKENG OP DER MESS

GEMENGENATELIER - GRATIS ENTRÉE/ENTRÉE GRATUITE

AFTERWORK 03.05. · MESSTIVAL 04.05. · MULTIKULTI 05.05.

# Merlettëfest

ORGANISATIOUN: GEMENG RECKENG OP DER MESS

## mental & OFF REC

+Mérite Sportif 2023

## AFTERWORK 03.05.2024

AB 17.00 AUER

DRINKS & GRILL

## 04.05.24 MESSTIVAL VOL.3

CURATED BY MAZ

Maz Univerze and Friendz

Mutiny on THE Bounty

EDSUN * CORBI

BobBY BieLES LiVe Band

Le ViBE * NiNoN

MeLVYN SchArtz

**MUSIC** &FAMILY FESTIVAL **START: 14.00**

FOOD/INFO/WORKSHOPS STANDS BY

DOWNHILL & MOUNTAINBIKE RECKENG • ÉILENGER KONSCHTWIERK
FIEDERBALL RECKENG • GUDE LAUNE TATTOOS • HANDMADE POTTERY
BY CORINNE FRANCK • HIP-HOP BASED EDUCATION • JUGENDHAUS RECKENG
MADAME WITZEG - TRISOMIE 21 • PIPAPO • RECKENGER MUSEK
RÉSEAU PSY • ROSA LËTZEBUERG • SEEFEKËSCHT • TIPPTOPP ARTBUS

MORE INFOS:
www.reckange.lu
messtival2022
/reckangemess

KULTURECK a.s.b.l Reckange-sur-Mess · LEMON EVENT SUPPORT · Eldoradio · KONEKTIS ENTERTAINMENT

## FÊTE CULTURELLE ET CULINAIRE

ÀPD 11.00 H

## MULTIKULTI 05.05.2024

Spécialités culinaires...

... et culturelles: Benny and the bugs · onduge Gesellen, · De Spillmann

Belle Bandura - Polanie - Oklahoma Dancers - Zolwer Knappbléiser
Capoeira Team - Chorale Ste.-Cécile Ehlange - Reckenger Musek

Administration communale
de Reckange-sur-Mess